



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Op Recommandatioun hin vum „Conseil supérieur des maladies infectieuses“ (CSMI) huet de Regierungsrot annoncéiert datt Leit iwver 65 Joer, respektiv Persounen déi am medezinesche Beräich schaffen, kënnen eng sougenannte „Booster-Impfung“ kréien. Dës soll op d'mannst sechs Méint no der leschter Impfung gemaach ginn, also sechs Méint, nodeem een déi zweet oder eenzeg Impfung krut. Den CSMI réit och datt dës Booster-Impfung op Basis vun engem mRNA-Vaccin soll sinn, also aktuell entweder vu Moderna oder Biontech/Pfizer.

Elo ass et allerdéngs esou datt ganz aktuell déi däitsch « Ständige Impfkommision » (STIKO) réit Leit ënner 30 Joer just nach mat dem Vaccin vu Biontech/Pfizer ze impfen, well rezent Chiffere géife weisen datt Häerzmuskel - an Häerzbeidelelantzündunge géife méi heefeg bei Mënschen aus dëser Alterskategorie festgestallt gi wann si mam Vaccin vu Moderna geimpft goufen.

Virun dësem Hannergrond wéilte mir der Madamm Gesondheitsminister folgend Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu dësem Avis vun der STIKO ?
2. Wäerte Leit ënner 30 Joer déi am medezinesche Beräich schaffe, kënnen wéi engem mRNA-Vaccin si sech impfe loossen oder gëtt de Moderna Vaccin souwisou net méi fir Leit ënner 30 Joer virgesinn, och fir eng zweet Booster-Impfung wann ee mam Johnson-Vaccin geimpft gouf ?

Här President, mir bidden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

Claude Wiseler
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Gesondheetsministesch op déi dréngend parlamentaresch Fro n° 5204
vum 10. November 2021 vum Monsieur le Député Claude Wiseler an vum Monsieur le
Député Marc Lies.**

D' Regierung ass natierlech iwwert dësen Avis vun der STIKO informéiert an huet och en änlechen Avis vun der Haute Autorité de Santé aus Frankräich gelies.

Et ass ze bemierken dass d'Agence européenne des médicaments (EMA) dës Niewewierkungen och suivéiert an diskutéiert, awer bis elo net zur Konklusioun komm ass do eng Restriktioun op Basis vum Alter auszeschwätzen.

D'Regierung ass der Meenung dass een hei aus dem « principe de précaution » sollt am Moment, bis weider Donnéeën virleien, verzichten den Spikevax (Moderna) bei Leit ënnert 30 Joer ze benotzen, a wäert eng deementspreechend Uweisung un d'Impfzentren an d'Dokteren déi impfen ginn.

Lëtzebuerg, den 11. November 2021

D' Ministre de la Santé

(s.) Paulette Lenert